

Lex Jacoby:

Vun der RUE SCHMITZ

vun haut an den ECK vu fréier

mat de Nimm, déi d'Haiser demols haten

Schmitz-Kremer Jos	Schmiitzen	1	haut zwee Haiser
Huber-Schmitz Misch	Schmiitzen	2	mam Schapp
Ewen-Sadler Marg. Vve	Beepen	4	
Edert-Belleville Pir	Tonëssen	5	
Clement-Kieffer Änder	Mëllesch	6	
Flener-Ney Willy	Al Schoul	7	
Schmitz-Grasser Henri	Schmiitzen	8	
Thill-Müller Antoine	Gliesch Tin	9	haut zwee Haiser
Bintener-Pleim Pierre	Sybillen	10	
Weyland-Kaufmann Albert	Hienessen	12	
Junck-Urbany Bernard	Scheier	14	14 a 16 ass haut
Wagner-Anen Jacques	Schuppen	16	een eenzegt Haus
Gringor-Ecker Pierre	Hares	17	Neibau
Kauffmann-Gevelinger Ad.	Wiirts	20	
Bintener-Küntziger Nic.	Lehners	22	
Groff-Bintener Jäng	Growen	23	
Feitler-Collignon Martin	Wälschen	24	mat Ställ a Scheier
Ecker-Feitler Henri	Wälschen	24	
Gringor-Kieffer Marie Vve	Pauls	25	
Bintener-Hermes Jäng	Bäerend	26	mat Ställ a Scheier
Gringor-Ecker Jean-Pierre	Hares	27	
Pansin-Weydert Jean	Weideschouschter	28	
Ecker-Thill Théodore	Gliesch	33	haut zwee Haiser
Michelis-Birtz Jemp	Birtzen	35	
Stift Jean	Stifte Bäerend	37	Parkplaz vun 39
Weydert-Clement J.-Pierre	Millches	39	
Weydert-Glesener François	Millches	45	
Neumann-Klein Mathias	Stipps	49	
Flesch-Müller Nicolas	Waasserhaus	53	ass um Verfalen
Ville de Luxembourg	Maschinnebau	55	
Fries-Biewer Jäng	Knäblein	61	
Brosius Buchette Nicolas	Brosiussen	63	haut zwee Haiser
Ludowissy-Roth Math.	Seemillen	65	haut zwee Haiser

Am Agaunk vum ECK, dien hott rue SCHMITZ hääscht, woar fréier rietser Haund ënnert Schmidden hirer Wiis de Schmiddebiirchen.

Esou huet et fréier op gutt Kopleschter geheescht. Haut géifen déi meescht Kopleschter soen: Am Agank vum ECK, dien haut rue SCHMITZ heescht, war fréier rietser Hand ënnert Schmidden hirer Wiss de Schmiddebiirchen.



Ufank vum Eck; rechts ënner der Platan de Schmiddebiirchen

D'Strooss am Agank vum ECK war an der Zäit nëmmen hallef esou breet wéi se haut ass. D'Mauer laanscht Schmidden hir Wiss war knapps 2 m héich an se huet 6 bis 7 m an déi heiteg Lëtzebuerger Strooss era gereecht. Lénks am Agank vum ECK stung e Poteau vum Elektreschen mat enger vun denen dräi Kopleschter Stroosseluchten. Hannert dem Poteau haten Tibossen (haut Haus 18, Lëtzebuerger Strooss) e kleng Geméisgaart an en Hingerhaisse, dat ausgesinn huet ewéi eng Volière.

*

Am ECK (am SCHMITZENECK) war vun 1854 bis 1951 déi al Schoul, an déi eng Zäit d'Kopleschter an d'Briddeler Bouwen vum éischten, vum zweeten a vum drëtten Schouljoer gaange sinn. Kuurz virum Krich an och nach nom Krich haten si de Willy Flener fir Schoulmeeschter. Hien huet mat sénger Famill e puer Joer um éischte Stack iwwer der Schoul gewunnt.

De Willy Flener war net nëmmen Schoulmeeschter, e war niewebäi och de Chronist fir Koplescht a fir de Briddel. En huet zesumme mam Raymond Anen, Erny Bintener, Nico Wagner a Raymond Weydert déi ronn 200 Säiten vun "700 Jahre Geschichte Kopstal - Bridel (1296 - 1996)" zesummegehallt. En huet Erzielungen (Erliewnesser um Saline River, Däischer Nuechten, Am Däiwelslach, de Josy vu Gröndchesbâch) an Hörspiller (Zwou Annoncen, Groussjeereg) an Theaterstécker (De Stëbssuckler, D'Hällemaschinn, De Rolli als Amerikaner, Gare la Mine, El Alamein, Anno Domini 1812, Op der

Kopleschter Heed) geschriwwen. Dobäi war en vun 1948 bis 1978 Mataarbechter vun der Revue de la Jeunesse.

Als Leendeckesch Will huet e fir Eis Sprooch geschriwwen, a fir séng Aarbecht um Lëtzebuergereschen huet en 1956 de Michel-Rodange-Präis kritt an 1987 d'Dicks-Rodange-Lentz-Plakett. D'Schoulhalen an d'Schreiwenn sinn him awer nët duergaang. En huet doniewent e sëllegen fir de lokalen Tourismus geschafft. En ass de Pionéier vun de Promenaden duerch d'Kopleschter Bëscher, laanscht d'Kopleschter Fielsen an iwwert d'Kopleschter Gewan. An engems huet e mat de Jongen, déi e fréier an der Schoul

hat, Velostouren bis wäit an d'Ausland gemeet. En ass domat och de Grënner vum Kopleschter Touring-Club.

Wéi de Briddel am Joer 1960 eng Schoul kritt huet, ass en bis 1974 dohinne komm fir Schoulmeeschter. E war nët friem um Briddel, en hat demols schon zënter Joeren do gewunnt.



De aal Schoul, ennen war ee Schoulsall, doriwer eng Wunneng fir de Schoulmeeschter

*

Enner de Bouwen, déi am ECK an d'Schoul gaange sinn, waren, wéi gesot, och déi Briddeler, déi Dag fir Dag mat hire Schoulsäck a Schoulmappen de Wee vum Briddel bis an den ECK hun musse maachen. Mat engem klengen Ęmwee mueres, fir an d'Fréimass. Géint de Mëtteg hun se sech op den Heemwee gemeet fir d'Zopp an nomëttes waren se nees ennerwee fir op Koplescht an d'Schoul an am spéide Nomëtteg nees um Wee fir heem, sechs Deeg an der Woch. Donneschdesnomëttes war fräi. Do war de Wee fir an d'Schoul an nees heem nëmmen eemol ze maachen.

Demols gouf et nach kee Schoulbus.

D'Schoulstonnen hun 60 Minutte gedauert an d'Vakanze waren och nët dat wat se haut sinn.

*

D'Schoul am ECK hat kee Schoulhaff. An der Paus hun d'Bouwen op der Strooss virun der Schoul gespilt, meeschtens Football, wann ee vun hinnen e Ball matbruecht hat. Wa kee Ball do war, a meeschtens war keen do, dann huet eng Blechendus mussen duerhalen. Dat war dann méi Kaméidi an et huet och de Schong oder de Schung méi wéi gedon. Mä déi héich Schung mat de geneelte Suelen hun alles matgemeet. Sie waren schon duerch de knobbeleche Schoulwee un allerhand gewiint. An dann hat och de Schou-schteremil vun der Kräizgaass oder de Weideschouschter am ECK vir an hannen Eisen dropgesat.

De Schouldag huet fir déi kleng Briddeler esou gutt ewéi fir déi kleng Kopleschter mat der Fréimass ugefaang. Duerno sinn se a Rei a Glidd mam Schoulmeeschter an den ECK gaangen. Da konnten och nëmme just déi hiren Duuscht um Schmiddebiirche läschen, déi d'Fréimass geschwänzt haten. Déi haten Zäit am lwwerfloss fir de Schmiddebiirchen. Déi aner hun musse waarde bis et an d'Paus gaangen ass.

*

De Schmiddebiirchen am Agank vum ECK hat an der Zäit Waasser drop an derwidder. Et muss e gutt Waasser gewiescht sinn, well et huet eis geschmaacht. Et muss och e gesond Waasser gewiescht sinn, well 't ass keen vun